CONSEIL COMMUNAL
Rapport complémentaire

Séance publique du 28 mai 2020;

Publication et convocation des conseillers: 22 mai 2020

Présents: Conrad Frank, bourgmestre
Vosman Joske, Bisenius Jean-Claude, Noesen Henri, échevins
Mangen Paul, Eicher-Karier Christiane, Mathekowitsch Claude, Baus Ben, Gieres-Deitz Sylvie, Ludwig Patrick, Gengler-Valmorbida Laurence, Erpelding Serge, conseillers

Absents (excusés) :Losch Gilles (par procuration à partir du point 2 > Conrad Frank), conseiller

---

Rapport complémentaire au registre aux délibérations :

Studenten :

D'Conseilleren Patrick Ludwig an Serge Erpelding hunn d'Fro gestallt ob de Schäfferot Studenten iwwer de Summer astelle wäert, fir de Service Technique, Maison Relais vu Bëschdref an Téinten, an den MS Day Center. A wéi gesäit et mam Beachdrëf aus, gëtt deen dëse Summer organiséiert oder net.

De Jean-Claude Bisenius confirméiert dem Gemengerot datt d'Gemeng nom « appel au public » eng Partie Kandidaturen era kritt huet, fir genau ze sinn 24 Stéck.

D'Maison Relais'e vu Bëschdref a vun Téinten souwéi den MS Day Center hu scho Studenten ugefrot. De Jean-Claude Bisenius betount awer och, datt et an dëser Zäit wichteg wier eng Klausel an d'Kontrakter ze setzen datt ee bestoende Kontrakt kéint zu all Moment opgeléist ginn, bedéngt duerch d'Entwécklung vum COVID-19 déi aktuell net virauszegesinn ass.

Wat de Beachdrëf betrëfft sou ass et am Moment nach ze fréi fir eng kloer Entscheedung ze treffen, et stinn nach eng Partie Froen op, wéi z.B. op de social distancing ka respektéiert ginn, de Schäfferot wäert awer Zäitno eng Decisioun huelen an dës dem Gemengerot matdeelen.

Gemengenaarbechter:

De Frank Conrad erkläert, datt e bestoende Posten fräi ass, fir dëse gëtt d'Formulatioun an d'Publikatioun ëmgeännert, sou datt d'Gemeng en "ouvrier polyvalent" astelle kann.

De Virdeel ass, datt d'Gemeng sech doduerch net op ee spezifeschen Diplom muss festleeën, an dofir e fräie Choix tëscht deene verschiddene Kandidature kann treffen. Dat wichtegst ass, een Aarbechter ze fannen, dee gutt an eis Ekipp era passt.

Kontaktpersounen:

De Schäfferot stellt dem Gemengerot een Excel Fichier vir, dee nach ausgeschafft gëtt. Dëse Fichier definéiert d'Kontaktpersounen um Niveau vum Schäfferot fir déi verschidde Beräicher, wéi z.B: den « aménagement du territoire », d'Gestioun vum Personal, eis lokal Veräiner asw ..

Dës Kontaktpersounen sinn déi di d'Informatiounen mat de jeeweilegen Demandeur'en zesummendroe fir se dann deem jeeweileg kompetente Gremium (CC, CBE, asw.) virzedroen ier op deem Niveau d'Entscheedung geholl gëtt.

Personnes de contact primaires et secondaires	FC	JV	JB	HN		BB	GL	LG	SG	PM	CE	CM	PL	SE
Présidence Collège du Bourgmestre et Echevins et du Conseil Communal	A													
Administration et coordination générales	A													
Personnel administratif et technique	A	B												
Finances communales	B	A	B	B										
Ordre public	A													
Service de secours						A								
Officier de l'état civil	A													
Urbanisme, logement, infrastructures	A			B										
Gestion de l'eau				A										
Jeunesse, enseignement, piscine Colmarberg			A											
Patrimoine communal, cultes (y compris églises)		B		A										
Vie associative	A	A												
Restauration de l'ancienne Hostellerie du Finsterthal	B	B	B	B										
Jumelages	A													
Troisième âge		A												
PAP "Am Lëtschert"	A			B										
Gestion des cimetières				A										
Enseignement musical			A	B										
Enseignement et structures d'accueil			A											
Gestion des déchets		B		B							A			
Tourisme, ORT, guttland.lu	B										A			
Culture				A										
Égalité des chances, intégration			A											
LEADER / Landakademie			B								A			
Pacte Climat / énergie		A												
Circulation, transports publics et mobilité douce		A						B						
Environnement : protection de la nature et des forêts; SICONA				B			A							
Sports et loisirs,	A	B												
Cérémonies publiques	A		B											
Communications & relations publiques		B	A											
Koll			A											
Brissen			A											
Schéissstand	B	B						A						
Voirie (Kleisschen, rue du bois)		A												
Sidero										A				
Sidec											A			
A = éischte Kontakt														
B = zweete Kontakt														
	15	13	11	11	0	1	1	2	0	1	4	0	0	0

Zil ass et, datt fir all Beräich jeeweils eng Haaptkontaktpersoun an ee Suppleant virgesi ginn, dës Approche ass fir de Fall, datt ee vun de Schäffe verhënnert ass, een anere dee Moment kéint asprangen.

Gutt Versuergt:

De Schäfferot huet wärend dem "etat de crise » dem Service « Gutt versuergt » deen zu Béiwen säi Lokal an der Maison Lommel huet eng Decharge fir zwee Méint accordéiert. Bleift unzemierken datt et sech hei ëm deen eenzege Service an der Gemeng handelt fir deen d'Gemeng ee Loyer kasséiert.

De Loyer läit bei 250,00€ de Mount sou datt d'nächst Joer beim « état des restants 2021 » de Gemengerot dës Decharge vun 500,00€ ka guttheeschen.

Buvette F.C. Bruch :

De Frank Conrad presentéiert een avant-projet vum Architekt Tom Beiler, wéi d'Buvette vu Bruch kéint an Zukunft ausgesinn.

Laut aktuellem Devis misst d'Gemeng mat enger Depense vun 608.500,00€ rechnen. Et gëtt sech allgemeng d'Fro gestallt op dat Sënn ergëtt.

Kritikpunkte sinn z.B. datt kee Stockage fir d'Material virgesinn ass.

De Frank Conrad proposéiert dem Gemengerot, d'Pläng zoukommen ze loossen a weiderhin ze probéieren déi Käschten ze drécken an an zukünftege Sitzungen de Projet ze presentéieren.

Subsides Commerces :

D'Conseiller'en Claude Mathekowitsch, Ludwig Patrick, Christiane Eicher-Karier an Serge Erpelding froen op de Schäfferot eng Ënnerstëtzung fir seng Commercen a Veräiner géif virgesinn sou wéi dat och an anere Gemengen de Fall ass.

De Schäfferot präziséiert datt dës Moossnam an dëse schwéieren Zäiten immens wichteg fir eis Lokal Geschäfter a Veräiner wier, wéi et awer schlussendlech realiséierbar ass, a wéi eng Methode soll applizéiert soll ginn, misst awer an enger zukünfteger Aarbechtssëtzung vum Gemengerot fixéiert ginn.

Velospiste:

Den Conseiller Claude Mathekowitsch freet wei et mat der Vëlospiste tëschend Béiwen/Atert a Bissen ass?

Aktuell huet de Schäfferot keng weider Informatiounen bezüglech der Vëlospiste tëscht Béiwen/Atert a Bissen.

Wa sech nei Entwécklungen erginn wäert de Schäfferot de Gemengerot doriwwer informéieren.